# Johannespassioun

## La Sainte Passion selon Saint Jean

## Jean-Pierre Kemmer

**Chorale Grand-ducale Ste Cécile Wormeldange**

**Chorales Réunies Donwen-Fluessweiler**

**Foulschter Gesank**
direction: Claire Garçon-Wio

**Samedi 31 mai 2025**
**Église d'Arsdorf - 20h00**

**Dimanche 1er juin 2025**
**Église de Wormeldange - 17h00**

direction: Steffi Schlink

piano: Luc Rollinger

récit: Clod Thommes

solistes: Paul Lallemand
Carlo Entringer

contrebasse: Tom Reiff
batterie: Ben Weiland
percussion: Jeff Brücker
Luc Steinmetz

CHORALE WORMER
STE CÉCILE

www.chorale-wormer.lu

# Aféierung

Am Internet fënnt ee bei "deutschlandfunkkultur.de" folgende Saz:

*„Es scheint provokant zu sein, nach Johann Sebastian Bach eine Johannes-Passion zu komponieren. James Mac Millan geht das Wagnis ein".*

Dësen englesche Komponist huet eng modern Passiounsvertounung gemaach, déi 2007 mat groussem Erfolleg zu Cardiff uropgefouert gouf.

Abbee! – Mir kleng Lëtzebuerger brauchen ons net hannert der grousser Welt ze verstoppen, well „onse Jempi Kemmer" ass scho virum James MacMillan dee Risiko agaang, wéi hien den 18. Juni 1977 an der Porkierch zu Munneref, mat sengem Chouer, seng Johannes-Passioun mat groussem Erfolleg uropgefouert huet. D'Press wor begeeschtert an huet dem Auteur eng gellech Laudatio zoukomme gelooss wéinst sengem groussen Talent, dem einfache Publikum e schwéiere Sujet mat flotter Musek, déi plazeweis un e Musical erënnert, ze vermëttelen.

Ëm wat geet et eigentlech bei der Passioun?

Déi allermeescht vun ons hunn nach an der Primärschoul 3 mol an der Woch Reliounsunterrecht gehat. Do gouf et nieft dem Katchëssem, och nach e Buch mat méi oder wéineger spannenden Erzielungen, d'Bibel, mat de Geschichten, déi di 4 Evangelisten Markus, Matthäus, Lukas a Johannes opgeschriwwen hunn.

Besonnesch de Johannes, deen ënnert dem Kräiz derbäi wor, kann der Nowelt genee erzielen, wéi et deemools zougoung, wéi d'Judden de Jesus de Réimer ausgeliwwert hunn, fir senger "lasszeginn", well säin Optrieden a Priedegen hinnen net an de Krom gepasst huet.

A mir sinn haut och souzeson derbäi, an erliewen d'Geschicht vum Leiden Jesu, op Latäin, musikalesch duergestallt vum Jempi Kemmer. Mir sinn derbäi beim Verrot duerch de Judas, beim 3-molege Verleegnen vum Péitrus, wou mer den Hunn héiere kréinen, mir erliewen – musikalesch - déi schrecklech Gäisselung an héieren den Hummerschlag op d'Neel um Kräiz....

An onse Kierche gëtt dëse Kräizwee mat 14 Statiounen duergestallt. Mä et gëtt der och, wou eng 15. Statioun z.B. eng Sonn, als Zeeche vun der Opersteeung, derbäi ass.

Den Air final, dee mer zum Schluss wäerten héieren, ass beim Komponist och eppes ewéi déi 15. Statioun. No deene Gäissel- an Hummerschléi, déi eis nach am Ouer kléngen, geet dann eng Sonn op: eppes, wéi e feierlechen Halleluia, deen eis an den Owend era begleede soll.

***Jemp Rollinger***



# La Sainte Passion selon St. Jean

## Première partie

Tableau I
Jésus au jardin des oliviers

Air N°1

Tableau II
La trahison de Judas

Tableau III
La capture

Air N°2

Tableau IV
St Pierre

Tableau VII
Et le coq cria 3 fois

## Deuxième partie

Tableau IX
Exivit ergo Pilatus

Tableau X
Ut sermo Jesu impleretur

Air N°4

Tableau XI
Dicit ei Pilatus

Tableau XII
Et flagellavit

Tableau XIII
Exivit ergo

Tableau XIV
Et dicit eis

Tableau XV
Cum ergo audisset

Tableau XVI
Judaei autem

Tableau XVII
Tunc ergo tradidit eis illum

## Troisième partie

Tableau XVIII
Le chemin de croix

Tableau XXI
Sous la croix


Tableau XXII
A sexta autem hora

Tableau XXIV
Judaei ergo quoniam Parasceve erat


Tableau XXV
Venerunt ergo milites

Tableau XXVI

Air final



# Jean-Pierre Kemmer
# 1923-1991



Kaum e Komponist zu Lëtzebuerg ass esou villsäiteg a produktiv gewiescht wéi de Jean-Pierre, genannt Jempi, Kemmer!

Mat iwwer 700 eegestännege Wierker ass et ee vun deene gréissere Fongen, déi am Cedom, dem Centre d'études et de documentation musicales, vun der Nationalbibliothéik versuergt ginn. Säit senger Gebuert spiert de Jempi am Elterenhaus d'Leidenschaft vu sengem Papp Michel, wuel en ausgezeechenten Amateurdanzmuseker, fir d'Musek. Inspiréiert vun de verschiddene Museksgenren a Klangwelten, léiert hie scho fréi am Stater Conservatoire Hautbois, Piano a Kompositioun, a mécht séier duerch éischt Optrëtter op säin Talent opmierksam.

Scho mat 13 Joër begleet hien dem Léon Moulin seng Radiosemissiounen „Lëtzebuerger Hallefstonn" um Piano. 1943 gëtt de Jempi Kemmer an d'Wehrmacht agezunn a kënnt 1945 aus dem Krich heem. Als Pianist spillt hien nom Krich bäi Radio Lëtzebuerg a begleet de Radioschouer ënnert der Leedung vum Sänger Paul Sonntag.

Fir d'Plaz vum Solo-Pauker am Radiosorchester ze kréien, studéiert hien um „Staatlichen Konservatorium des Saarlandes" Perkussioun, beleet Course beim bekannte Pianist Walter Gieseking an hëlt privaten Unterrecht beim Maestro Henri Pensis an der Orchesterdirektioun.

Vun 1962 un dirigéiert hien nieft senger Tätegkeet als Pauker regelméisseg den RTL-Orchester.

Nieweberufflech leed de Jempi Kemmer verschidde Chéier ronderëm d'Stad a grënnt 1969 en eegenen Kammerchouer: „Les choeurs Jean-Pierre Kemmer".

Iwwert allem awer steet säi villsäitegt kompositorescht Schafen, fir dat hien méifach national an international ausgezeechent ginn ass.

Quellen: Musekssammlung vum Cedom
Georges Urwald, Marlène Duhr



# Steffi Schlink - direction



D'Steffi Schlink ass haaptberufflech Flüttistin an der Lëtzebuerger Militärmusek an huet säi Studium an der Flütt zu Maastricht mat engem Master ofgeschloss.

Schonn als Kand huet hatt an de Muselfénkelcher zu Gréiwemaacher gesongen an sou och klassesche Gesang beim Marie-Reine Nimax am Stater Conservatoire geléiert an den Diplôme Supérieur kritt.

D'Steffi séngt reegelméisseg als Solistin mat der Militärmusek a stoung mam Yannchen Hoffmann a Carlo Hartmann an deene flottsten Dicksoperetten op der Bün. Donieft séngt hatt Concerte mat der Pianistin Judith Klaassen am Dialog mat Gedichter fir Leit an Altersheemer.

D'Steffi krut am Stater Conservatoire Coursen an der Orchester- a Chouerdirektioun an huet sech sou 2016 bereet erkläert, fir d'Wormer Chorale bäi deene kierchleche Fester ze dirigéieren.

Zënter 2018 ass hatt fest Dirigentin vum Chouer, deen an dëser Zäit vill flott Concerten a Massen opféiere konnt.

# Luc Rollinger - piano

- Ausbildung am Conservatoire vun der Stad Lëtzebuerg a Solfège, Piano, Uergel an Harmonie
- Nom Ofschloss vum Lycée hei zu Lëtzebuerg, Studium vun de Musekswëssenschaften op der Université des Sciences Humaines de Strasbourg
- Kompositioune fir Piano, Uergel, Saxofon, Cello, Trompett, Flütt, fir Orchester a Chouer
- Aktuell Enseignant fir Blechblosinstrumenter an der Museksschoul zu Réiden
- Organist, Pianist an Arrangeur vun der Wormer-Chorale.



# Paul Lallemand - Jesus



- Musikalesch Ausbildung ugefaang zu Réiden an der Musikschoul a weidergefouert am Conservatoire du Nord an am Conservatoire de la ville de Luxembourg.
- 1. Präis am Solfège an Diplôme de la division moyenne am Piano
- 2. Präis an der Trombone an an der Harmonie
- 1. Mention an der Uergel an am Chant
- Coursen am Chant beim Mariette Lentz, Jean-Paul Majerus, Eva-Maria Leonardy a Cornelia Entling-Konersman
- 2015 Studium Lehramt Musik un der Musikhochschule Franz Liszt Weimar mat Schwéierpunkt Chant classique
- 2018 Bachelor-Prüfung am Chant Classique an der Klass vum Cornelia Entling-Konersman
- Member a Stimmführer am Bass vum Kammerchor der Hochschule für Musik Franz Liszt ënnert der Direktioun vum Jürgen Puschbeck
- Member vum Jazz-Vokal-Ensemble „Die Katze im Sack" ënnert der Direktioun vum Juan Garcia
- Vun 2005 u Member an de Chorallen Dikkricher Solschlësselcher a Foulschter Gesank
- Zënter iwwer 20 Joer Member an der Foulschter Musik
- Dirigent vun den Dikkricher Solschlësselcher vun 2021-2024
- Op verschiddene Plazen als Organist täteg (Niederpallen, Préizerdall, Reckéng un der Mess)
- Grënnungsmember an haitege Präsident vum Vokal-Ensemble „The Duke's Singers" (2013)
- Zënter 2021 Sänger am Ensemble „Cojellico's Jangen"



**Chorale Grand-Ducale Ste Cécile Wormeldange**
**Chorales Réunies Donwen-Fluessweiler**
**Foulschter Gesank**

# Carlo Entringer - Pilatus

- Éischte Präis am Solfège, Piano a Kammermusek am Conservatoire vun Esch-Uelzécht tëscht 1970 an 1980
- Sänger am Ensemble Vocal Ambitus ënnert der Direktioun vum Roby Schiltz zanter iwwer 30 Joer
- Sänger am Ensemble Vocal du Luxembourg ënnert der Direktioun vum Jean-Philippe Billmann an dono vum Matthias Rajczyk.
- Zanter 2003 Chantscoursen an der Muséksschoul Gréivemacher an der Klass vum Marianne Barthélémy-Schomer
- Éischte Präis am Chant am Conservatoire du Nord zu Ettelbréck
- Masterclasses mat der Yva Barthélémy (Paräis), Zeger Vandersteene (Gent) Véronique Nosbaum a Luisa Partridge-Mauro (Lëtzebuerg)
- Sänger am Ensemble Vocal Caecilia Éinen
- Solist am Ensemble Kalliope
- Reegelméisseg Interventioune mam Ensemble Ad Libitum ënnert der Direktioun vum Rosch Mirkes, mam Lëtzebuerger Lidderchouer ënnert der Direktioun vum Jean-Paul Majerus a matt anere Formatiounen



## Clod Thommes - Récit

## Tom Reiff – Contrebasse
## Ben Weiland – Batterie
## Jeff Brücker – Percussion
## Luc Steinmetz – Percussion

## Caroline Garçon - Coq
## Jean-Marie Sadler - Serviteur

CHORALE
WORMER
STE CÉCILE

